

# Lëtzebuergesch als Friemsprooch

## Kann-Beschreibungen – Sproochlech Handlungen – Zorte vun Texter – Sproochlech Aufgaben

### Niveau B1.2

#### Allgemeng Kompetenz

Kann e groussen Deel vun den Televisiouns- a Radiosemissiounen verstoen, an deenen et ëm Theme vu perséinlechem oder allgemengem Interessi geet, wa kloer artikuliert gëtt. Kann **detailléiert** vun enger eegener Erfahrung erzielen, an dobäi eege Gefiller a Reaktiounen abezéien.

Kann déi wichtegst Einzelheete vun engem Evenement erzielen, dat net virauszegesi war, z.B. en Accident.

Ka sech **mat enger gewësser Sécherheet** iwwert alldeegleche Themen, awer och iwwer Themen aus dem eegenen Interessen- oder Fachgebitt verstännegen.

Kann Informatiounen austauschen, kontrolléieren a konfirméieren, och scho **mat net alldeegleche Situatiounen** ëmgoen an erklären, firwat eppes problematesch ass.

Kann och scho Gedanken iwwer méi abstrakt a kulturell Themen ausdrécken, wéi Filmer, Bicher, Musek.

Ka (weider-) soen, wat en anere gesot huet.

#### Qualitéit vun der Sprooch

Huet e Spektrum vu sproochleche Mëttelen, deen em/er et erlaabt, Situatiounen ze beschreiwen, déi net virauszegesi waren, d'Haaptaspekter vun enger Iddi oder engem Problem prezis genuch z'expléieren an eegen Iwwerleeungen iwwer kulturell Themen (wéi Musek a Filmer) auszudrécken.

D'grammatisch Struktur ginn, trotz daitlechen Aflëss vun der Mammesprooch, am Allgemenge gutt gemeeschtert. Et kommen zwar Feeler vir, awer et bleift kloer, wat soll ausgedréckt ginn.

Ka sech mat enger gewësser Liichtegkeet ausdrécken an trotz eenzelne Formulatiounsproblemer, déi zu Pausen oder a Sakgasse féieren, oni Hëllef effektiv weiderschwätzen.

D'Aussprooch ass gutt ze verstoen, och wann e friemen Accent z.D. evident ass an heiansdo eppes falsch ausgeschwat gëtt.

Quellen : Inspiréiert gouf sech fir dës Beschreiwunge bei :

- Europarat : *Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen : lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1 – A2 – B1 – B2 – C1 – C2*, Langenscheidt 2001

- Glaboniat/Müller/Rusch/Schmitz/Wertenschlag : *Profile deutsch. Lernzielbestimmungen, Kannbeschreibungen, Kommunikative Mittel. Niveau A1 – A2 – B1 –B2*, Langenscheidt, 2002
- Alliance Française : *Référentiel des contenus d'apprentissage du FLE en rapport avec les six niveaux du Conseil de l'Europe, à l'usage des enseignants de FLE*, CLE International, Paris 2008

## B1.2 HEIERVERSTOEN

Kann, well säi/hire (passive) Vocabulaire dofir grouss genuch ass, vill (Héier-)Texter iwwer Theme vum aldeegleche Liewe verstoen (z.B. Famill, Hobbyen, Interessen, Aarbecht, Reesen, Noriichte vum Dag).

Kann onkomplizéiert Informatiounen iwwer gewéinlech Theme vum Alldag oder aus dem beruffleche Liewe verstoen an dobäi Haaptaussoen an Eenzelinformatiounen erkennen, wa kloer artikuléiert a mat geleeftegem Accent geschwat gëtt.

Kann e groussen Deel vun den Televisiouns- a Radiosemissiounen verstoen, an deenen et ëm Theme vu perséinlechem oder allgemengem Interessi geet, wa kloer artikuléiert gëtt.

| Kann-Beschreibungen   | Sproochlech Handlungen  | Zorte vun „Texter“   |
|---|---|--|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann am Allgemengen och bei méi laange Gespréicher (4-5 Min.), déi an senger/hirer Presenz gefouert ginn, d'Haaptpunkte matkréien, wa kloer Standardsprooch geschwat gëtt.</li> </ul>                          | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Gespréich verstoen</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher (all Zorte vu)</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann d'Informatiounen aus deene meeschte Radiosemissiounen an Toundokumenten iwwer Theme vu perséinlechem oder allgemengem Interessi verstoen, wa kloer Standardsprooch an net séier geschwat gëtt.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ enregistréiert Gespréicher, Diskussiounen verstoen</li> <li>➤ Informatiounen aus Radiosemissiounen verstoen               <ul style="list-style-type: none"> <li>• verstoen, wéini eppes geschitt ass / wéini eppes ass</li> <li>• verstoen, wéi laang eppes gedauert huet / dauere soll</li> <li>• verstoen, wou eppes geschitt ass / wou eppes ass</li> <li>• verstoen, firwat eppes geschitt ass / firwat eppes ass</li> <li>• verstoen, dass eppes méiglech / wahrscheinlech/ sécher ass</li> </ul> </li> <li>➤ eng Erzielung, eng Beschreibung vu Faitë verstoen</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ausschnëtter aus Emissiounen / Noriichten um Radio souwéi Toundokumenten, an deene sachlech Informatiounen presentéiert ginn</li> <li>➤ enregistréiert Gespréicher an Diskussiounen tëscht Mammesproochler, Diskussiounen an Interviewen um Radio, Noriichten (spez. Fait-diversen), Presserevue, Sportsretransmissiounen, Dokumentarsendungen</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann a villen Televisiounssendungen iwwer Theme vu perséinlechem oder allgemengem Interessi e groussen Deel verstoen, z.B. an Interviewen oder Noriichtesendungen, wa kloer</li> </ul>                         | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ d'Haaptpunkte vun enger Diskussioun matkréien</li> <li>➤ wichteg Informatiounen aus Televisiounsemissiounen verstoen</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Extraiten aus Emissiounen / Noriichten op der Tëlee, an deene sachlech Informatiounen presentéiert ginn, Diskussiounen, Interviewen,</li> </ul>   |

|  |   |   |
|--|---|---|
| Standardsprooch an zimlech lues geschwat gëtt.   |   | Dokumentarsendungen   |
| ➤ Kann d'Handlung an engem Auszich aus engem Film oder Theaterstück suivéieren, wa se relativ einfach ass, staark duerch visuell Elementer ënnerstëtzt gëtt an eng kloer, direkt Sprooch gebraucht gëtt. |   | ➤ Auszich aus (thematesch a sproochlech) einfache Filmer, Theaterstécker  |
| ➤ Kann Absichten, Meenungen, Stellungnahme vun aneren erkennen, z.B. an Interviewen oder Radiosëmfroen.  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Absicht verstoen</li> <li>➤ eng Meenung verstoen</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Interviewen</li> <li>➤ Radiosëmfroen</li> </ul>  |
| ➤ Kann eng Argumentatioun iwwer en Thema, dat aktuell ass oder dat en/se/et gutt kennt, a groussen Zich erfaassen.   | ➤ Argumenter fir oder géint gewëss Projete verstoen   | ➤ Stellungnahmen an Argumentatiounen am Kader vun Diskussiounen (z.B. a Gespréicher tëscht Aarbechtskollegen, an enger Talkshow, an enger Reunion vu Copropriétaires) |
| ➤ Ka Wënsch a Gefiller verstoen, wa se onkomplizéiert ausgedréckt ginn.  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Wonsch verstoen (op d'Vergaangenheet, op elo oder op d'Zukunft bezunn)</li> <li>➤ e (positivt oder negativt) Gefill verstoen : Freed, Trauregkeet, Enttäuschung, Angscht, Verwonnerung, Iwwerraschung, Virwëtz, Indifferenz ; verstoen, dass eppes engem Leed deet, dass een eppes bedauert</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher (all Zorte vu)</li> <li>➤ Auszich aus Filmer, Theaterstécker</li> </ul>  |

## SPROOCHLECH AUFGABEN

- Héierverständnes übe mat didaktiséierten Texter aus Léierwierker a mat der Zäit och ëmmer méi mat authentischen Héiertexter (Radio an aner Toundokumenten, Televisioun, Internet, ...), woubäi d'Participantë mat Questionnairen (Richtig oder falsch ?, Multiple-choice, d'Äntwert schreiwen, e Saz kompletéieren, ...) Kombinatiounsübungen (z.B. : Wéi e Sazufank passt bei wéi en Enn vum Saz ?), Checklëschten (Wéi eent vun dëse Wieder / Wéi ee vun dësen Ausdréck / Sätz héiert Der am Text ?), Lückentexter derzou solle bruecht ginn, sech op bestëmmt Informatiounen ze konzentréieren

## B1.2 LIESVERSTOEN

Kann, well säin/hiren (passiven) Vocabulaire dofir grouss genuch ass, vill Texter iwwer Theme vum aldeegleche Liewe verstoen (z.B. Famill, Hobbyen, Interessen, Aarbecht, Reesen, Noriichte vum Dag).

Kann Texter vun enger gewässer Längt liesen, déi an enger geleeferger Sprooch geschriwwen sinn, an dobäi genuch verstoe fir bestëmmt Informatiounen ze lokaliséieren oder Informatiounen aus engem oder méi Texter zesummenzedroe fir eng bestëmmt Aufgab ze léisen.

Kann a klor geschriwwenen argumentativen Texter déi wiesentlech Conclusiounen erkennen.

| Kann-Beschreibungen  | Sproochlech Handlungen   | Zorte vun „Texter“   |
|--|--|--|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an onkomplizéierten Texter iwwer Themen, déi mat sengen/hiren Fach- oder Interessegebiddere ze dinn hunn, dat Wiesentlecht verstoen.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Informatiounen verstoen</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ (net ze laang) Texter aus Zeitungen, Illustréierten, vun Internet-Sitten*</li> </ul>                  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann – och a méi laangen an net onbedéngt linear presentéierten – Noriichten an aneren Zeitungstexten iwwer aldeegleche Evenementer wichteg Fakten an Informatiounen fannen (z.B. verstoen, wéi sech en Iwwerfall, en Accident ofgespillt huet).</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Informatiounen verstoen               <ul style="list-style-type: none"> <li>• verstoen, wéini a wou eppes geschitt ass / ass</li> <li>• verstoen, wéi laang eppes gedauert huet / dauere soll</li> <li>• verstoen, firwat eppes geschitt ass / firwat eppes ass</li> </ul> </li> <li>➤ eng Erzielung, eng Beschreibung vu Faité verstoen</li> <li>➤ verstoen, dass eppes méiglech / wahrscheinlech / sécher ass</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Noriichten, Kuerznoriichten, Kommentare vu Journalisten, Lieserbréiwer (Zeitung, Internet)</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann Erfahrungsberichter a grousse Zich verstoen.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Erzielung verstoen</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Zeitungsartikelen*</li> <li>➤ Lieserbréiwer (Zeitung, Internet)</li> </ul>                            |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann d'Beschreibung vum Evenementer, Gefiller a Wënsch a privater Korrespondenz gutt genuch verstoe fir mat enger Persoun (mat där et ausser Lëtzebuergesch keng gemeinsam Sprooch gëtt) schrëftlech a Kontakt ze bleiwen.</li> </ul>                       | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ verstoen, wat den Auteur vun engem Text erlieft huet</li> <li>➤ e Wonsch verstoen (op d'Vergaangenheet, op elo oder op d'Zukunft bezunn)</li> <li>➤ e (positivt oder negativt) Gefill verstoen : Freed, Trauregkeet, Enttäuschung, Angscht, Verwonderung, Iwwerraschung, Virwëtz, Indifferenz ; verstoen, dass eppes engem Leed deet, dass een eppes bedauert</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ privat Bréiwer, Kaarten, E-Mailen</li> </ul>  |

|   |   |  |
|---|---|--|
| ➤ Kann a kloer geschriwwenen argumentativen Texten iwwer Themen, déi aktuell sinn oder en/se/et intresséieren, d'Haaptaussoen souwéi wichteg Argumenter (a groussen Zich) erfaassen.  | ➤ dem Auteur seng Meenung (an ev. hir Begrënnung) erkennen<br>➤ eng Argumentatioun suivéieren, eng Schlussfolgerung erfaassen | ➤ Zeitungsartikelen<br>➤ Lieserbréiwer (Zeitung, Internet), Kommentaren an engem Forum, engem Blog<br>➤ privat an offiziell Korrespondenz              |
| ➤ Kann Absichten, Meenungen, Stellungnahme vun aneren erkennen.   | ➤ eng Absicht verstoen<br>➤ eng Meenung verstoen  | ➤ Zeitungsinterviewen<br>➤ Lieserbréiwer   |
| ➤ Kann a Standardbréiwer dat Wiesentlecht verstoen (z.B. e Schreiwes vun engem Noper, dee sech beschwéiert).  | ➤ erkennen, firwat e Bréif geschriwwen gouf<br>➤ eng Matdeelung verstoen<br>➤ verstoen, dass a firwat ee sech beschwéiert     | ➤ privat an offiziell Bréiwer, E-Mailen  |
| ➤ Kann an Inhaltsbeschreiwunge vu Radios- an Téleesemissionen, oder vu Formationen, an deenen et ëm einfach, allgemeng Theme geet, Haaptinformatiounen verstoen, an opgrond dovunner decidéieren, ob eng Sendung oder Formatoun en/se/et kéint intresséieren. |   | ➤ Programme vum Radio, vun der Télee (Programmbroschür, Internet-Archiv)*<br>➤ Inhaltsbeschreiwunge vu Formationen*                                    |
| ➤ Kann a kuerzen, einfachen narrativen Texter, déi am Wiesentlechen um Basisvocabulaire an op enger einfacher, konkreter Handlung opgebaut sinn, d'Handlung a groussen Zich verstoen an d'Relatiounen tëscht de Persoune verstoen.                            | ➤ eng Erzielung verstoen  | ➤ sproochlech einfach Texter oder Texter, déi fir Léierzwecker geschriwwen oder vereinfacht goufen, wéi Mäercher, Fabelen, Krimien, kuerz Geschichten* |
|   |   | (*) Souwäit et där Texter op Lëtzebuergesch gëtt   |

## SPROOCHLECH AUFGABEN

Liesverständnes übe mat didaktiséierten Texter aus Léierwierker a mat der Zäit och ëmmer méi mat authentesch Liestexter, woubäi d' Participantë mat Questionnairen (Richtig oder falsch ?, Multiple-choice, d'Äntwert schreiwen, e Saz kompletéieren, ...) Kombinatiounsübungen (z.B. : Wéi e Sazufank passt bei wéi en Enn vum Saz ?), Checklëschtchen (Wéi eent vun dese Wieder / Wéi ee vun desen Ausdréck / Sätz ass am Text ?) derzou solle bruecht ginn, sech op bestëmmt Informatiounen ze konzentréieren

## B1.2 MËNDLECHEN AUSDRUCK : MONOLOG

Ka sech, well säi sproochleche Repertoire dofir grouss genuch ass, awer och heiansdo mat Hëllef vun Ëmschreibungen, zu deene meeschten Theme vum Alltagsliewen (z.B. Famill, Hobbyen, Interessen, Aarbecht, Reesen, aktuell Evenementer) einfach, mä koherent ausdrécken.

Ka relativ fléissend eng onkomplizéiert Beschreibung, déi trotzdeem zesummenhänkt, zu engem him/hir bekannten Thema ginn, woubäi déi eenzel Punkte linear hannertenee kommen.

Huet e Spektrum vu sproochleche Mëttelen, deen et erlaabt, Situatiounen ze beschreiwen, déi net virauszegesi waren, d'Haaptaspekter vun enger Iddi oder engem Problem prezis genuch z'erklären an eegen Iwwerleeungen iwwer kulturell Themen (wéi Musek a Filmer) auszedrécken.

| Kann-Beschreibungen   | Sproochlech Handlungen  | Zorte vun „Texter“  |
|---|---|---|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann detailléiert vun enger eegener Erfahrung erzielen, an dobäi eege Gefiller a Reaktiounen abezéien.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ vun engem Evenement an der Vergaangenheet erzielen               <ul style="list-style-type: none"> <li>• e Souvenir erzielen</li> <li>• eng perséinlech Anekdot erzielen</li> </ul> </li> <li>➤ e (positiv /negativ) Gefill ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erzielungen</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann déi wichtegst Einzelheete vun engem Evenement erzielen, dat net virauszegesi war (z.B. en Accident).</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Informatiounen ginn               <ul style="list-style-type: none"> <li>• soen, wéini eppes geschitt ass</li> <li>• soen, wou eppes geschitt ass</li> <li>• soen, firwat eppes geschitt ass</li> <li>• soen, wafir Konsequenzen eppes hat/huet</li> </ul> </li> <li>➤ erzielen, wéi eng Situatioun sech entwéckelt huet</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erzielungen (eng Noriicht, déi ee gelies oder héieren huet, z.B. e Fait divers ; eppes, wat ee selwer gesinn oder erlieft huet)</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann iwwer aldeeglech Themen oder méi speziell Themen aus dem eegenen Erfahrungsberäich op verständlech Manéier schwätzen an eng Meenung ausdrécken, z.B. iwwer Traditiounen vum Heemechtsland oder e Film, deen een zesumme gesinn huet.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Persoun, eng Saach, eng Plaz beschreiwen</li> <li>➤ eng Situatioun beschreiwen</li> <li>➤ e Gesellschaftsphenomen beschreiwen</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken               <ul style="list-style-type: none"> <li>• eng Hypothese ausdrécken</li> <li>• ausdrécken, dass eppes méiglech / wahrscheinlech / sécher ass</li> <li>• eng Gewëssheet ausdrécken</li> </ul> </li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Beschreibungen vu Plazen, Saachen, Persounen, Situatiounen, Gesellschaftsphenomenen</li> </ul>   |

|  |   |   |
|--|---|---|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann, well seng/hir Aussprooch (eenzel Lauter, Betounung, a.s.w.) dofir gutt genuch ass, eng Geschicht esou erzielen, dass een als Nolauschterer gutt matkënnt.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng (reell oder fiktiv) Geschicht erzielen</li> <li>➤ (no-)erzielen, wat en anere gesot/geschriwwen huet</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ kuerz Geschichten (Seechen, Familljegeschichten, selwer erliefte Geschichten, Anekdoten)</li> </ul>  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann onkomplizéiert Lies- oder Héiertexter (Artikel, Buch, Interview, Reportage, Diskussioun, Konferenz, Film, Theaterstéck, ...), déi en/se/et an der Mammesprooch erlieft huet – oder och op Lëtzebuergesch, awer dann natierlech nëmmen einfach Texter oder just Auszich –, op Lëtzebuergesch resuméieren/erzielen a kommentéieren.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ d’Haaptiddie vun engem Text presentéieren</li> <li>➤ (weider-)soen, wat en anere gesot/geschriwwen huet</li> <li>➤ eng Geschicht (erëm-)erzielen</li> <li>➤ erzielen, wéi eng Situatioun sech entwéckelt huet</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Erzielungen</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann eng virbereeten, onkomplizéiert Presentatioun (Exposé) iwwert en Thema aus dem eegene Fachgebitt oder dat en/se/et gutt kennt, esou kloer virdroen, datt een als Nolauschterer meeschtens matkënnt ouni sech unzestengen. D’Haaptpunkte ginn dobäi prezis genuch erkläert.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ en Thema virstellen <ul style="list-style-type: none"> <li>• Informatiounen, Iddie virdroen</li> <li>• e Grond nenne fir sech mat eppes ze befaassen</li> <li>• en Thema aleeden</li> <li>• Argumenter entwéckelen</li> <li>• schlussfolgeren</li> </ul> </li> <li>➤ (onkomplizéiert) technesch Informatiounen ginn</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Presentatioun vun engem Produkt, enger Déngschtleeschtung (am beruffleche Beräich, z.B. am Kader vun engem Aarbechtsgrupp)</li> <li>➤ (Dokumentéierten) Exposé (iwwert den eegene Beruff, déi wirtschaftlech a politesch Situatioun am Heemechtsland, ...)</li> <li>➤ Presentatioun vun engem Buch an de Grënn fir et ze wielen</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann op verständlech Manéier seng/hir Meenungen ausdrécken a sech dobäi op einfach Argumenter stäipen.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Meenung ausdrécken</li> <li>➤ en Argument (op eng einfach Manéier) entwéckelen</li> </ul>  |   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann am Gespréich verständlech a fléissend Zuelen nennen (Quantitéiten, Datumen, Telefonsnummere, Prozenter, ...).</li> </ul>   |   |   |



## SPROOCHLECH AUFGABEN

- E rezente Fait divers erzielen, vun deem um Radio /an der geschriwwener Press Rieds giong, an dobäi och Detailer abauen (z.B. all Dag en anere Schüler un der Rei)
- En (onkomplizéiert) aktuellt Thema aus den Noriichte presentéieren, dat een intresséiert (an dat déi aner Leit an der Klass och kann intresséieren)
- E « Reportage » iwwert en Thema virbereeden a virun der Klass presentéieren
- Eng Noriichtesendung mat (fiktiven) Fait-diversen an Noriichte virbereeden a virun der Klass presentéieren
- Vun engem Accident erzielen, dat ee selwer erlieft oder gesinn huet
- Erzielen, wéi een eng Kéier an engem frieme Land eng Situatioun erlieft huet, op déi ee guer net virbereet war (Pabeiere verluer, schlëmme Problem mat der Gesondheet, ...)
- « Meng aussergewöhnlechste Vakanz »
- « Meng bescht / flottst / schlëmmst Erfahrung mat ... »
- Concours vun der originellster Anekdote
- Eng flott Geschicht, déi sech an der Famill zougedroen huet
- E bekannt Mäerchen erzielen, andeems een Deeler dervun ännert
- Vun engem Buch / Film / Theaterstéck/ enger Ausstellung / Emissioun erzielen an eng Meenung driwwer ausdrécken (an ev. recommandéieren / ofroden)
- Vun engem Internetsite erzielen, deen intressant Méiglechkeete bitt
- Vun engem gesellschaftleche Phenomen erzielen, dat een aus eegener Erfahrung kennt (eng nei Moud ënnert de Kanner / de Jugendlechen, ...)
- En Exposé virun der Klass halen iwwert en Thema, dat ee gutt kennt, an dat d'Klass och intresséiert

## B1.2 MËNDLECH INTERAKTIOUN

Ka sech mat enger gewësser Sécherheet iwwert alldeeglech Themen, awer och iwwer Themen aus dem eegenen Interessen- oder Fachgebitt verstännegen.  
 Kann Informatiounen austauschen, kontrolléieren a confirméieren, och scho mat net alldeegleche Situatiounen ëmgoen an erklären, firwat eppes problematesch ass.  
 Ka Gedanken iwwer méi abstrakt a kulturell Themen ausdrécken, wéi Filmer, Bicher, Musek.

| Kann-Beschreibungen  | Sproochlech Handlungen   | Zorte vun „Texter“  |
|--|--|---|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann e groussen Deel matkréie vun deem wat a Gespréicher tëscht Mammesproochler iwwert allgemeng Theme gesot gëtt, soulaang d'Gepräichspartner däitlech schwätzen an op e staark idiomatesche Sproochgebrauch verzichten. Muss awer vläicht heiansdo froen, eppes widderholl oder anescht formuléiert ze kréien.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Gespréich verstoen</li> <li>➤ d'Hauptpunkte vun enger Diskussioun verstoen</li> <li>➤ froen, fir eppes ze widderhuelen</li> <li>➤ froen, fir ëmzeformuléieren</li> <li>➤ ee froen, eppes wat en/se/et gesot huet, z'erklären</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gespréicher an Diskussiounen tëscht Mammesproochler iwwert allgemeng Themen oder Themen aus dem eegene Fachgebitt</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an e Gespréich oder eng Diskussioun iwwer en Thema, dat en/se/et gutt kennt, agräifen an dobäi eng adequat Wendung benotze fir zu Wuert ze kommen.</li> <li>➤ Kann e Gespréich oder eng Diskussioun beliewen, ass awer eventuell nach heiansdo schwéier ze verstoen, wann en/se/et probéiert, genee auszedrécken, wat en/se/et gär soe géif.</li> <li>➤ Kann e perséinleche Standpunkt kloer maachen a Standpunkte vun anere kommentéieren, huet awer Schwiereregkeeten, wann en/se/et sech an eng Diskussioun aléisst.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Gespréich weiderféieren</li> <li>➤ froen, eppes ze preziséieren</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken, justifiéieren</li> <li>➤ säin Accord /Desaccord ausdrécken</li> <li>➤ anerer opfuerderen, un engem Gespréich deelzehuelen oder an enger Diskussioun hir Meenung ze soen</li> </ul> |   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka Gefiller ausdrécken an op Gefiller vun anere reagéieren : Iwwerraschung, Freed, Trauregkeet, Virwëtz, Indifferenz, Enttäuschung, Angscht, Verwonnerung, Bedauern.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ adequat op Norichte vun anere Leit reagéieren</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ informell a formell Gespréicher</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka (weider-)soen, wat en anere gesot huet. (<i>Hie seet,</i></li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ (weider-)soen / erzielen, wat en anere gesot huet</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ « Rapporte » vun einfache</li> </ul>   |

|  |   |  |
|--|---|--|
| <i>hie wär / hätt / géif ... . Si hu behaupt, datt ...)</i>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ widderhuelen / ëmformuléieren, wat en anere gesot huet</li> </ul>  | Gesprécher   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an Domänen déi en/se/et gutt kennt (z.B. am berufleche Beräich) mat enger gewësser Sécherheet och gréisser Quantitéite vun (faktuellen) Informatiounen iwwer alldeelech a manner alldeelech Sujeten austauschen, kontrolléieren, confirméieren.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ faktuell Informatiounen froen, verstoen, ginn</li> <li>➤ Informatiounen kontrolléieren</li> <li>➤ Informatiounen confirméieren</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ sachlech Gesprécher am berufleche Beräich, z.B. a Versammlungen, awer och Telefongesprécher</li> </ul>                                  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann erklären, firwat eppes e Problem ass, diskutéieren, wat een als Nächst maache soll, Alternative vergläichen.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e Problem explizéieren</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken, froen</li> <li>➤ säin Accord /Desaccord ausdrécken</li> <li>➤ eng Meenung justifiéieren</li> <li>➤ schlussfolgeren (eng Léisung nennen)</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gesprécher, bei deenen et ëm (gemeinsam) Léisunge fir praktesch Problemer geet</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann och an ongewéinleche Situatiounen zuwee kommen, mat deenen en/se/et a Butteker an am Kontakt mat Déngschtleeschungsbetriber konfrontéiert gëtt a kann einfach Reklamatiounen maachen.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ protestéieren, reklaméieren</li> <li>➤ e Problem beschreiwen</li> <li>➤ Verwonderung, Enttäuschung ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gesprécher am öffentleche Beräich (Buttek, Verwaltung, Post, Bank, Handwerksbetrib, ...)</li> </ul>                                     |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an engem Interview-Gespréich oder an enger Consultatioun konkret Renseignementer ginn (z.B. beim Dokter Symptomer beschreiwen), mécht dat awer mat begrenzter Präzisioun.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Informatiounen froen / ginn (als Äntwert)</li> <li>➤ froen/soen, wéi een sech (gesondheetlech) fillt</li> <li>➤ e gesondheetleche Problem beschreiwen</li> <li>➤ vun eppes an der Vergaangenheet schwätzen</li> <li>➤ eng Erwaardung, eng Hoffnung ausdrécken</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gesprécher beim Dokter, an der Apdikt</li> <li>➤ Virstellungsgesprécher</li> <li>➤ Interviewen, Stroosseninterviewen</li> </ul>         |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka Gedanken iwwer abstrakt oder kulturell Themen – z.B. Musek, Filmer, Bicher – ausdrécken.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ d'Handlung vun engem Buch / Film erzielen</li> <li>➤ soen, wat en anere gesot/geschriwwen huet</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken, justifiéieren</li> <li>➤ e (positivt / negativt) Gefill ausdrécken</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gesprécher, an deenen et (och) ëm méi abstrakt oder kulturell Theme geet</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an engem Gespréich op eng einfach Manéier eng Hypothes, e Verdacht ausdrécken an op esou Aussoe vun anere reagéieren.</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Hypothes ausdrécken, justifiéieren (op d'Vergaangenheet, op elo oder op d'Zukunft bezunn)</li> <li>➤ e Verdacht ausdrécken, justifiéieren</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Gesprécher iwwer (fiktiv/reell) Situatiounen, Geschichten, vun deenen een den Ufank/d'Ursaachen an/oder de Schluss net kennt</li> </ul> |

|   |  |  |
|---|--|--|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann en Interview, dee virbereet ass, féieren, dobäi och Informatiounen kontrolléieren a confirméieren a spontan Zousazfroen abauen, muss déi interviewte Persoun awer geleeëntlech drëm bieden ze widderhuelen, wann se ze séier oder ze ausféierlech äntwert.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Informatiounen froen</li> <li>➤ froen, eppes ze widderhuelen</li> <li>➤ froen, eppes ze preziséieren</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Interview-Gespräicher : Ëmfro, Questionnaire, Quiz</li> </ul> |
|---|--|--|

## SPROOCHLECH AUFGABEN

- Diskussioun an der Klass oder a Gruppen iwwer en alldeeglecht Thema, dat jidderee kennt (z.B. Iwwergewicht bei Jugendlechen)
- « Rapporte » vun einfache Gespräicher (indirekt Ried)
- Simulatiounen vu berufleche Gespräicher - direkt (z.B. a Reuniounen) oder iwwer Telefon - an deenen et drëm geet, kuerz a sou prezis et geet sachlech Informatiounen ze froen, ze kontrolléieren, ze confirméieren (Bestellung, Zuelen, Datum, Donnéeën vu Flich, Aarbechtsschrëtt, ...) : vun de konkrete Besoine vun de Schüler ausgoen, souwäit e gemeinsamen Nenner ze fannen ass
- Diskussioun vu praktesche Problemer a Gruppen (min. 3-4 Schüler pro Grupp) a sech iwwer eng Léisung eens ginn : berufleche Beräich, z.B. wéi bei enger Aarbecht virgoen, en Text formuléieren, eppes organiséieren ; private Beräich, z.B. en Ausfluch vun engem Dag mat der Klass organiséieren
- An engem Buttek, bei engem Handwierksbetrib, enger Baufirma ... eng Reklamatioun maachen (Feeler op Rechnung, defekt Wuer, Aarbecht déi schlecht /net gemaach gouf, ...)
- Simulatioun : onkomplizéiert Gespräicher beim Dokter / an der Apdik, wou et virun allem drëm geet, ze froen/ ze beschreiwen, wéi ee sech fillt
- E Virstellungsgespräch spillen : gesicht gëtt z.B. e Babysitter, eng Persoun fir en Déier ze versueren, e Botzmann/eng Botzfra, e Gäertner/ eng Gäertnerin, oder fir all aner Zort vu Plaz, et dierf awer net ze technesch ginn
- Ënner e puer CVën de Kandidat/ d'Kandidatin eraussichen, deen/déi déi bescht Viraussetzung fir eng bestëmmt Plaz bitt (a Gruppen diskutéieren a sech eens ginn)
- E Questionnaire ausschaffen an eng Enquête oder eng Ëmfro duerchféieren, z.B. iwwer Konsumgewunnechten, d'Behuelen a gewësse Situatiounen, ...
- Gespräch iwwer e kulturell Thema : Diskussioun a Gruppen tëscht Schüler, déi en Thema kennen (e Buch oder en Auteur, e Film oder e Cinéast, e Concert oder e Museker, eng Ausstellung, ...) oder e Fro-Äntwert-Gespräch, wann een eppes erlieft huet, wat anerer intresséiert . Idealfall : eppes, wat d'ganz Klass erlieft huet. Am Fall vu Literatur a Filmer ka selbstverständlech och iwwer Wierker geschwat ginn, déi net op Lëtzebuergesch erlieft goufen
- Extrait aus engem Film, Buch, Zeen op enger Foto (z.B. aus engem Theaterstück) : Hypothese maachen, wat der gewielter Zeen kéint virausgaange sinn a wéi d'Geschicht kéint weidergoen
- « Interview mat enger Perséinlechkeet » : Biographie, Anekdoten (reell oder fiktiv) ; ideal wär hei, wann d'Méiglechkeet bestéing, e « richtege » Lëtzeburger / eng « richtig » Lëtzeburgerin z'interviewen, z.B. iwwer seng/hir Aarbecht

## B1.2 SCHRÉFTLECHEN AUSDRUCK

Ka sech, well säi sproochleche Repertoire grouss genuch ass, awer och heiansdo mat Hëllef vun Ëmschreibungen, iwwert déi meescht Theme vum Alldagsliewen (z.B. Famill, Hobbyen, Interessen, Aarbecht, Reesen, aktuell Evenementer) einfach, awer koherent ausdrécken.

Ka sech a Situatiounen, déi en/se/et gutt kennt, korrekt verstännegen ; meeschtert déi grammatesch Strukturen am Allgemenge gutt, trotz däitlechem Afloss vun der Mammesprooch. Et kommen zwar Feeler vir, awer et bleift kloer, wat soll ausgedréckt ginn.

Kann – och iwwer abstrakt Themen - Informatiounen a Gedanke matdeelen, Informatiounen kontrolléieren an eenegermoosse prezis e Problem erklären oder Froen derzou stellen.

| Kann-Beschreibungen  | Sproochlech Handlungen  | Zorte vun „Texter“   |
|--|---|--|
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann an engem perséinleche Bréif Neiegkeete matdeelen a Gedanken iwwer abstrakt oder kulturell Themen (z.B. Musek, e Film, e Buch) ausdrécken.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Neiegkeete matdeelen / froen</li> <li>➤ e Projet (z.B. beruflech Ziler, Léierziler) beschreiwen, begrënne</li> <li>➤ e (positivt oder negativt) Gefill ausdrécken : Freed, Trauregkeet, Enttäuschung, Angscht, Verwonnerung, Iwwerraschung, Virwëtz, Indifferenz ; ausdrécken, dass eppes engem Leed deet, dass een eppes bedauert</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken, begrënne</li> <li>➤ en Argument (op eng einfach Manéier) entwéckelen</li> <li>➤ eppes recommandéieren / vun eppes ofroden</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ perséinlech Bréiwer, E-Mailen</li> </ul>  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann e kuerzen, einfachen Text iwwert en Thema vun allgemengem Interessi schreiwen.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ eng Persoun, eng Saach, eng Plaz beschreiwen</li> <li>➤ eng Situatioun beschreiwen</li> <li>➤ e Gesellschaftsphenomen beschreiwen</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken <ul style="list-style-type: none"> <li>• eng Hypothes formuléieren</li> <li>• ausdrécken, dass eppes méiglech / wahrscheinlech / sécher ass</li> </ul> </li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Aufsätz</li> <li>➤ einfach Artikelen (z.B. fir eng Schülerzeitung)</li> <li>➤ Beitrag fir en Internetforum</li> <li>➤ Phantasieaufsatz</li> </ul> |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka mat der néideger Prezisioun vun Erfahrungen an Evenementer erzielen an dobäi Reaktiounen a Meenunge beschreiwen.</li> </ul>                            | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ en Evenement, eng Erfahrung (Souvenir, perséinlech Anekdot, ...) an der Vergaangenheet erzielen <ul style="list-style-type: none"> <li>• soen, wéini a wou eppes geschitt ass</li> <li>• erzielen, wéi eng Situatioun sech entwéckelt</li> </ul> </li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ privat Korrespondenz</li> <li>➤ Artikel, Lieserbréif fir eng « Klassenzeitung » (z.B. no engem kulturellen Evenement)</li> </ul>                  |

|  |   |   |
|--|---|---|
|  | <p>huet</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ e (positiv / negativ) Gefill ausdrécken</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken</li> </ul>   |   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann am eegene Fach- oder Interessegebitt mat enger gewësser Sécherheet gréisser Quantitéite vu faktuellen Informatiounen iwwer geleefeg a manner geleefeg Froen austauschen an derzou Stellung huelen.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ faktuell Informatiounen ginn, froen</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ E-Mailen, Notizen (zomol am beruffleche Beräich)</li> </ul>  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann déi wichtegst Einzelheete vun engem Evenement erzielen, dat net virgesi war (z.B. erklären, wéi eppes geschitt ass oder firwat en/se/et an enger bestëmmter Situatioun op eng gewëss Manéier gehandelt huet).</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ erzielen, wéi eng Situatioun sech entwéckelt huet</li> <li>➤ eng Handlung erklären, justifiéieren</li> <li>➤ eng Hypothese, e Verdacht ausdrécken</li> <li>➤ em Verständnes bidden</li> <li>➤ eng Hoffnung ausdrécken</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ privat a berufflech Korrespondenz</li> <li>➤ Bréif un d'Assurance</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Ka sech an einfache Fäll schrëftlech bekloun.</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ protestéieren, reklaméieren</li> <li>➤ e Problem beschreiwen</li> <li>➤ Verwunnerung, Enttäuschung ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ (formelle) Reklamatiounsbréif</li> </ul>   |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann onkomplizéiert Lies- oder Héiertexter (Artikel, Buch, Interview, Reportage, Diskussioun, Konferenz, Film, Theaterstéck, ...), déi en/se/et an der Mammesprooch erlieft huet – oder och op Lëtzebuergesch, awer dann natierlech nëmmen einfach Texter oder just Auszich –, op Lëtzebuergesch (an engem Résumé) erzielen a kommentéieren.</li> </ul> | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ resuméieren</li> <li>➤ (weider-)soen, wat en anere gesot / geschriwwen huet</li> <li>➤ eng Geschicht (erëm-)erzielen</li> <li>➤ erzielen, wéi eng Situatioun sech entwéckelt huet</li> <li>➤ eng Meenung ausdrécken</li> </ul>   | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ privat Bréiwer, E-Mailen</li> <li>➤ Artikel fir eng Schülerzeitung</li> <li>➤ Beitrag fir en Internetforum, e Blog</li> </ul>  |
| <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Kann, wann d'Thema en/se/et intresséiert, a kloer a strukturéiert geschwat gëtt, während oder no engem Virtrag, engem Gespräch déi wichtegst Informatiounen a Form vu Stéchwierder notéieren, an zwar prezis genuch fir datt se kënne méi spéit –</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Notizen huelen</li> </ul>  | <ul style="list-style-type: none"> <li>➤ Notize vu Virtrag (Konferenzen, Coursen, Visite-guidéeën, ...), vu Gespréicher (Reuniounen, Entrevuën, Telefongespréicher)</li> <li>➤ Notize vu Liestexter (z.B. fir en</li> </ul> |

|  |  |   |
|--|--|---|
| <p>vun him/hir selwer oder vun aneren – gebraucht ginn. Kann als Virbereedung fir en Exposé déi wichtegst Informatiounen aus engem Text notéieren.</p> |  | <p>Exposé)</p>  |
|  |  | <p>(*) Souwäit et där Dokumenter op Lëtzebuergesch gëtt</p> |

## SPROOCHLECH AUFGABEN

- An engem perséinleche Bréif / E-Mail un e(n)g Frënd(in) Neiegkeete vu sech ginn, vun engem kulturellen Erleefnes (Buch, Film, Musek, Ausstellung, ...) erzielen a wéi een dat fonnt a sech dobäi gefillt huet, an ev. och vu perséinleche Projete schwätzen
- Phantasieaufsatz (z.B. « Erfahrungen an Andréck vun Ausserierdesche bei enger Visite op der Äerd »)
- Notizen- /E-Mail-Wiessel tëscht Frënn, z.B. fir en Ausfluch z'organisieren : d'Schüler sollen dobäi mat enger gewësser Vitesse och gréisser Quantitéite vun Informatiounen austauschen
- Notizen- /E-Mail-Wiessel tëscht Aarbechtskollegen fir Informatiounen auszetauschen, Rotschléi ze froen /ze ginn, Wënsch auszudrécken / dorop ze reagieren (wa méiglech op der Basis vu konkrete Besoine vun de Schüler)
- Bréif un d'Assurance, z.B. fir ze beschreiwen, wéi et zu engem Accident komm ass
- Bréif / E-Mail un de Chef / d'Cheffin, an deem een erkläert, firwat eppes passéiert ass (z.B. firwat een de Réckfluch verpasst huet) oder firwat een an enger bestëmmter Situatioun op eng bestëmmt Aart a Weis gehandelt huet (ev. op der Basis vu Besoine vun de Schüler ; kann awer och witzeg sinn)
- Fir eng Klassenzeitung e fiktive Fait divers erzielen
- Fir eng Klassenzeitung en Artikel oder e Lieserbréif iwwert en aktuellt Thema schreiwen, dat een intresséiert
- Reklamatiounsbréif un eng Firma, un de Propriétaire / Locataire vun enger Wunneng (z.B. falsch oder defekt Wuer, ze héich Rechnung, Aarbecht déi net oder schlecht gemaach gouf, eppes wat am gelounten Haus net ass wéi et sollt sinn)
- En Artikel, Buch, Interview, Reportage, Diskussioun, Konferenz, Film, Theaterstéck, ... fir eng Schülerzeitung resumieren a kommentieren (de rezipierten Text soll onkomplizéiert sinn a kann an enger anerer Sprooch wéi Lëtzebuergesch sinn)
- Notize maache während engem onkomplizéierte Virtrag an der Klass (Konferenz, Reportage oder Dokumentarfilm op Video ; « Spezialist » deen en Thema virstelle kënn, dat d'Klass intresséiert) oder bei Geleeënheet vun enger Sortie mat der Klass (Visite guidée)
- En enregistréiert Telefongespréich lauschten an e Message fir eng Persoun schreiwen, déi net do war
- En enregistréiert Gespréich aus dem berufleche Beräich lauschten an duerno d'Haaptpunkten a Form vu Stéchwierder fir säi Chef / seng Cheffin notéieren
- Cf. och d'Rubrik « Sproochlech Aufgaben » ënner « B1.2 – Mëndlechen Ausdrock: Monolog »